PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/08/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Immigratioun an Asyl weiderzeleeden.**

An engem Communiqué vum 11ten August 2020 huet de Lëtzebuerger Flüchtlingsrot der Immigratiounsdirektioun hefteg Reproche gemaach, datt si géint d'Asylrecht géif verstoussen. De Rot reprochéiert, datt Demandeure keng Attestatioun géife kréien, datt sihier Demande op eng international Protektioun gemaach hunn. Dës Weidere géifen d'Demandeuren, ier sieng Demande de Protection internationale géife maachen, reegelrecht intimidéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Besëtzt de Minister Kenntnis vun de Reprochë vum Lëtzebuerger Flüchtlingsrot?
2. Kann de Minister de Wourechtsgehalt vun de Reprochë confirméieren? Falls jo, wéi wäert de Minister reagéieren, datt d'Prozedure vum Asylrecht agehale ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député